N° 7378
Entrée le 14.12.2022
Déclarée recevable et urgence reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 14.12.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/12/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Lëtzebuerg leit ënnert eng Epidemie vu Bronchiolite-Fäll. D'Better an der Kannerklinik si mengen Informatiounen no momentan alleguer beluecht an d'Kapazitéite an der Pediatrie si méi ewéi ausgelaascht. Gëschter krutten Elteren vun engem Kand am CHL matgedeelt, datt hirt Kand elo dat lescht Bett (am HRS) géif kréien an dofir mat der Ambulanz verluecht géif ginn. Ech war op dës Situatioun schonn an der Fro vum 22ten November (n°7214) agaangen. Den Chamberspresident huet d'Urgence vun der Fro net unerkannt.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch konfirméieren, dass d'Kapazitéite vun de Pediatriebetter am Land ganz ausgelaascht sinn?

2. Wat gëtt gemaach fir datt keen Kand ofgewisse muss ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

N°7378
Entrée le 15.12.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op déi dréngend parlamentaresch Fro n° 7378 vum 14. Dezember 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

Wéi an der Äntwert op déi parlamentaresch Froen 7214, 7102 respektiv 7153 ënnerstrach, ass d'Situatioun rondrëm d'Bronchiolite-Epidemie generell ugespaant. D'Situatioun vun den Bronchioliten ass op héijem Niveau souwäit stabil, allerdéngs kommen an der Zweschenzäit nach weider respiratoresch Infektiouskrankheeten dobäi (Streptokock A, Adenovirus, COVID, Influenza). Et ass ze notéieren dass den Zoulaf an den Service d'Urgences vun der Kannerklinik an och den aneren Spideeler aktuell ganz héich ass.

D'Direktioun vum CHL huet eng spezifesch Cellule de crise op d'Been gestallt vir méi ee präzisen Suivi vun der Evolutioun vun Bronchiolitefäll kënnen ze maachen. D'Kapazitéiten un Better sinn an den bestehenden Unitéiten duerch duebel Beleeung eropgesat ginn. Fir prioritär Bronchiolitefäll kënnen ze traitéieren, huet den CHL décidéiert fir während enger gewësser Zäitspan geplangten chirurgesch Interventiounen z'annuléieren wann dëst keen Risiko fir d'Kanner duerstellt. Esou kann d'Personal am Hôpital du Jour d'Equippen ënnerstëtzen den Suivi vun Patienten ze maachen déi um Respiratory Syncytal Virus Infektion (RSV) erkrankt sinn.

Et sief notéiert dass 8 zousätzlech stationär Better an der Kannerklinik genehmegt an realiséiert goufen fir esou iwwert eng zousätzlech Kapazitéit während enger akuter Phas ze verfügen.

Zesummen mat dem CHEM an dem HRS huet den CHL een 'plan de montée en charge' opgestallt an et gëtt all Dag den Point tëschent den Responsabelen gemaach. Dëst erlaabt ëmmer eng Prise en charge kënnen z'assuréieren.

D'stationär Prise en charge vun de Kanner mat Bronchioliten an RSV ass relativ kuerz ausser bei méi komplizéierten Fäll sou dass d'Situatioun séier evoluéiert. Zu dësem Zäitpunkt sinn d'Kapazitéiten mat den aménagéierten Better ausraichend.

Lëtzebuerg, den 15. Dezember 2022

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert